# Struktur an Argumentaire Pressekonferenz

## I) Begréissung an excuséiere vum Präsident a Vize-Präsident

## II) Grond vun der Pressekonferenz / Mise en contexte

No der Decisioun vum Comité Directeur fir de Contrat de Travail à durée déterminée vum Frédéric Georgery nom 31.Dezember 2012 net méi ze verlängeren sen 2 ëffentlech Bréiwer un d'Federatioun gaangen - dat engersäits vun de Sportler an anerersäits vun den Athleten. Weiderhin huet de Frédéric Georgery ëffentlech Stellung geholl, sou dass mir eis gezwonge gesinn, ëffentlich Stellung zu deene ganze Virwërf géint d'FLAM ze huelen respektiv se richtig ze stellen.
Och fanne mir et erstaunlech, dass d'Decisioun vun der FLAM, zukünfteg mat engem aneren Nationaltrainer ze schaffen, a verschiddene Medie fir méi Judo-Schlagzeile gesuergt huet, wéi ee vun deene beschte Resultater dat eng lëtzebuerger Sportlerin zënter 1952 op der Olympiad gemaach huet, nämlech dem Marie Muller seng 5. Plaz, déi hatt den 29.Juli zu London realiséiert huet. Hei soll een och wëssen, dass den Nationaltrainer Frédéric Georgery zu kengem Zäitpunkt mam Marie Muller zesumme geschafft huet, mee dass d'Marie vun deem Zäitpunkt un wou hatt fir Lëtzebuerg start eenzeg an eleng vum Ralf Heiler trainéiert ginn ass.

## III) Virwërf géint d'FLAM

### 1) Datum vun der Verëffentlechung vun der Decisioun, d'Communicatioun vun der Decisioun, keng Dialogbereetschaft säitens der FLAM an Net-Anhale vun de Valeurs Judo

Fakten:

D'Decisioun ass de 5.Juli vum CD geholl ginn + den Zäitpunkt fir dem FRÉDÉRIC GEORGERY et matzedeelen: 20.7.12

Firwat ass dës Decisioun schonn den 5.7. geholl ginn obschonn de Kontrakt nach bis den 31.12. leeft?

Eigentlech ass et net üüblech, dass sou eng Decisioun scho 6 Méint virum Oflaf vun engem Kontrakt geholl gëtt.

Et war an deene verschiddene Gremien därmoossen evident, dass d'Decisioun sou géif ausfalen, dass mir et als nëmme fair ugesinn hunn dem FRÉDÉRIC GEORGERY se sou fréi wéi méiglech matzedeelen, fir dass hien Zäit huet fir sech en neien Job ze sichen.

Firwat ass decidéiert ginn, him et den 20.7.12 matzedeelen?
den FRÉDÉRIC GEORGERY war zum Zäitpunkt vun der Decisioun (5.7.) mat 5 Athleten a Canada op engem Stage (vum 1.7. - 14.7.)
Dës Decisioun matgedeelt ze kréien ass ee schwéiere Moment an dat bescht Ëmfeld ass an

eisen Aen d'Famill, schwéier wann een e puer 1000 km vun doheem fort ass, well e keng Auswäichméiglichkeet huet.

Vum 16.7. - 20.7. Stage vun der Nationalequipe zu Jodoigne -> och ongënschteg → D'Stëmmung an der Equipe an d'Qualitéit vum Stage riskéiert drënner ze leiden, well mir net woussten wéi de FRÉDÉRIC GEORGERY reagéiert.

i. Den 20.07. owes wéi och den 21.07. probéiert de Präsident e puer Mol iwwer Telefon un de FRÉDÉRIC GEORGERY ze kommen, dësen hieft him den Telefon net op.
ii. Doropshin hëlt de Präsident d'Decisioun eng Mail ze schreiwen a waart op eng Reaktioun vum FRÉDÉRIC GEORGERY – vergebens..
iii. Dënschdes war op eng Demissioun vun engem vun de Memberen vun der sportlecher Commissioun hin, ee Bericht an der Press – mir hu séier vis-à-vis vun der Press reagéiert an um 12.20 een offizielle Communiqué rausgeschéckt..
iv. Do virdrun huet de Präsident per Telefon probéiert un deen Athlet ze kommen, deen sech an deene leschte Wochen als Athletespriecher raus-kristalliséiert huet – leider war och hien net op den Telefon ze kréien -> de Präsident léisst him ee Message op der Mailbox -> LEIDER bis haut kee Réckruff a keng Äntwert.
v. Mëttes hëlt de Präsident d'Decisioun eng Mail u verschidden Athlete ze schreiwen an hinnen de Werdegang z'erklären:

Le 24.07.2012 à 15:09, Roland LENERT <roland.lenert@uni.lu> a écrit :

> Bonjour,
>
> À la lecture de votre lettre, et de vos commentaires sur Facebook, je tiens à préciser certains détails.
> J'avais cru pouvoir vous donner une réponse au mois de juin, mais la commission sportive s'est réunie le 26 juin et à proposé majoritairent un non-renouvellement du contrat de Frédéric Georgery. Une telle décision doit d'abord être approuvée par le comité Judo, puis en dernière instance par le comité directeur de la FLAM. Lors de cette réunion, les membres du cd ont décidé que Frédéric serait informé après le déplacement au Canada, et après le stage de Jodoigne. Comme je suis en Italie, j'ai essayé plusieurs fois de contacter Frédéric le 20 et le 21 juillet, en vain. Il ne me restait plus que la voie du courriel, envoyé le 21 dans la soirée. Il eut été anormal d'informer les sportifs avant l'entraîneur, de plus j'ai voulu attendre une éventuelle réponse. Il m'était donc impossible de vous informer plus tôt, et si le Luxemburger Wort l'a fait avant moi, c'est qu'il a reçu l'information par une personne ne faisant pas partie du cd. Je propose que nous organisions une réunion judokas-commission sportive vers la mi août pour de plus à les informations.

Salutations sportives,
>
> Roland Lenert

Souwuel um Facebook wéi och an deenen ëffentleche Bréiwer un d'FLAM gëtt d'Aart a Weis wéi de FRÉDÉRIC GEORGERY d'Saach gewuer ginn ass, ganz béis a Fro gestallt an der Federatioun dee schwaarze Péiter ginn:

Eis Fro:
Wann een alleguer dës Fakte kennt -> ass dann net eng ganz kloer erkennbar Taktik fir d'Decideuren ze discréditéieren? Desinformatioun ?
Kloere Prejudice un der Federatioun fir se ze destabiliséieren an dazou ze beweegen, vun hirer Decisioun, déi sécher fundéiert ass, zréckzerudderen?

D'Athleten, wéi och den Trainer hunn Informatioune respektiv Angeboter fir Gespréicher krit – dës awer ganz bewosst net ugeholl an ignoréiert...

Si hunn et virgezunn iwwert d'voix publique Drock op d'Federatioun auszeüben.

2) Ëffentlech Gelder an d'Poubelle werfen

   An der Vergaangenheet hu mir bewisen, dass mir duerch eis Resultater persounenonofhängeg eis ëffentlech Gelder immens effektiv agesat hunn! Dëst ass persounenonofhängeg a wäert duerch d'Federatioun iwwerwaacht ginn.

   i. Resultater vum Marie Muller
   ii. Resultater am Judo bei den U20/+20
   iii. Resultater am Judo bei den U17

3) Net-Respektéiere vun de Statuten bei der Decisioun de Kontrakt net ze verlängeren

   i. Statutär ass et tëschent 2 Generalversammlunge just de Comité Directeur, deen Decisiounen an der FLAM kann huelen, an e kann sech an der Decisiounsfindung vu verschiddene Gremien assistéieren loossen, déi fir dës Aufgaben nominéiert ginn.
      An dësem Fall war dat d'Commission Sportive, déi aus dem FLAM-Präsident besteet an aus 6 staatlech gepréiften A-Traineren (also Judo-kompetenz besëtzt a sou d'Aarbecht vu professionellen Traineren beuerteele kann).
      Als 2.Gremium gëtt et de Comité Judo, deen deen national politischen Impakt an der Judoswelt vu sämtlechen Avisen vun deene verschiddene Commissiounen an Aarbechtsgruppe coordinéiert an iwwerpréift, ier dann eng definitiv Decisioun vum Comité Directeur geholl gëtt.

ii. Nach ee Wuert zum Aarbechtskontrakt vum FRÉDÉRIC GEORGERY:
Rechtlech gesinn ass et en CDD, deen de plein droit et sans préavis den 31.12.12 ausleeft, wëll heeschen dass schonn 2009 decidéiert gi war, dass et een Aarbechtsverhältnës ass, wat zäitlich limitéiert ass a mir just aus deene virdru genannten mënschliche Grënn zu dësem fréien Zäitpunkt decidéiert hunn, dem FRÉDÉRIC GEORGERY matzedeelen dass mir keen neie Kontrakt mam FRÉDÉRIC GEORGERY wäerte maachen.

4) Conséquences désastreuses fir de Lëtzebuerger Judo

a. Wéi kann een dat behaapten ouni dass ee weess, ween zukünfteg Nationaltrainer gëtt? Ass dës Behaaptung wierklich fundéiert oder ass et eng reng Stimmungsmache?
b. Ass duerch déi ëffentlich Campagne, déi d'Athleten an hir Elteren géint d'Decisioun vun der Federatioun gefouert hunn, net lo schonn zum jetzege Moment scho vill méi Schued fir de Lëtzebuerger Judo entstan, wéi dat jemools an der Realitéit duerch een Trainerwiessel kann entstoen?

## IV) Argumentaire, dee bei der Decisioun vun der Net-Verlängerung eng Roll gespillt huet

Mir wollten dësen Argumentaire zu kengem Zäitpunkt ëffentich maachen, sinnn duerch déi Polemiken, déi duerch d'Athleten, d'Elteren an den Trainer selwer mëttlerweil awer dozou gezwongen!

1. **Bild vum „Erfolgstrainer"**

a. Bild vum „Erfolgstrainer"
Grondsätzlech sportlech Aarbecht mat den Athleten ganz gutt, ganz héijen Invest a Leestungsbereetschaft
Besser Resultater wéi viru senger Zäit, virun allem um Niveau vun de Spiller vun deene klenge Länner. Op Europacup- a Weltcup Niveau gi mëttlerweil vereenzelt Matcher gewonnen, gutt Performancë vu Barboni op U20 WM an EM (gewënnt 1 resp. 2 Matcher a gëtt jeweils an der Aachtelsfinall eliminéiert) a Mossong op der WM (gewënnt 2 Matcher a gëtt och an der Aachtelsfinall eliminéiert)

b. Anerersäits
De FRÉDÉRIC GEORGERY ass deen éischten vollprofessionnellen „Top"-Trainer zu Lëtzebuerg, deen ënnert super Rahmenbedingunge ka schaffen, déi heen duerch déi Letzebuerger Sportfërdermoossname vu Säite vu Ministerien, COSL a Verband gebuede krit.

1. Voll-tâche als Nationaltrainer
2. Sportsektioun vun der Arméi
3. Sportlycée

Budget vun der FLAM fir de Judo-Leeschtungssport

2005

5.000 Euro Indemnitéite fir den Nationaltrainer

22.000 Euro fir Stagen a Competitiounen

2012

108.000 Euro fir 2 professionnell Nationaltrainer

86.000 Euro fir Stagen a Competitiounen

Wann een dës Chifferen nieftenee stellt, kann een och vun enger „normaler" Leeschtungssteigerung am Lëtzebuerger Judo ausgoen an et muss een net onbedéngt vun enger aussergewéinlicher Steigerung schwätzen

**Dëst Argument geet also net duer fir komproméësslos de Kontrakt ze verlängeren**

**2. Abanne fir net ze soen Instrumentaliséieren vun den Athleten zu sengem eegene perséinliche Vierdeel**

an dat fir besser Aarbechtsconditioune respektiv een neien Aarbechtskontrakt beim Verband ze kréien an dat ëmmer mat der Drohung dass hie soss géif ophalen oder goen. Dat war de Fall 2009 bäi de Kontraktsverhandlungen eng 2.Kéier am Dezember 2010 wou hie gedroht huet, dass hie géif an d'Belsch goen, wann hien net méi Pai géif kréien an och am Mee 2012 wou de Präsident mat engem Groussdeel vum Seniors-Nationalkader eng Reunioun hat. Hei ass d'Federatioun zäitlech ënner Drock gesat ginn, méiglechst séier eng Decisioun ze huelen, well d'Athleten vun där Decisioun hir sportlech a schoulesch Zukunft géifen ofhängeg maachen.

An deem Zesummenhang eng SMS vun engem Athlet un de Generalsekretär vum 24.11.10 *„Moien du hues bestemmt bessen iwwer gescht nogeduecht.wollt just na soen dass et bestëmmt meiglech ass him mei ze gin.an mir all athleten wellen keen aaneren. Ech well dat duerchzeigen mat him an all dei aner och,hoffen der ganzer flam as bewosst keen fred mei keng athleten mei. An eierlech gesoot, heen get ze man bezuelt fir dat waat hen mecht, mengen du geings daat o net maan. Mir mussen de Fred ennerstetzen."*

Zënter 2009 stoung vis-à-vis vun den Athleten andauernd déi Drohung am Raum : Wann de Verband net sou fonktionéiert, wéi ech et gären hätt, halen ech op.

Dëst huet ëmmer rëm d'Athleten destabiliséiert - dat kënne mir als responsabel Federatiounsverantwortlech laangfristeg net zouloossen!

De FRÉDÉRIC GEORGERY huet dat och ëmmer rëm an Diskussioune mam Präsident a Generalsekretär gesot kritt – si hunn dann Äntwerte kritt wéi „Et ass normal, dass ech mat hinnen doriwwer schwätzen, ech hu keng Distanz zu hinnen, et si meng Bëbeeën, meng Chouchouen, ech maache mäi Liewen mat hinnen, gesi meng Kanner net opwuessen... etc.)" Wann dann de Verband méi energesch ginn ass, huet en dann hallefhäerzeg gesot, hie géif

dat net méi maachen... bei der nächster Geleeënheet ass en awer rëm an dat selwecht Muster verfall.

### 3. Net-Identifikatioun mat neie Verbandsstrukturen an Diskreditéierung vu Verbandsresponsablen, Benevolen, Veräinstrainer a Veräinsresponsablen - Handelen nom Motto : „Divide et impera"

De Judo war an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg wäit ausernee gedrift - vill Leit aus der Szene hunn net oder net genuch matenee geschwat

Zënter Enn 2010 gëtt eng nei national Judofunktionnementsstruktur opgebaut mam Zil, dës Mëssstänn aus der Vergaangenheet aus der Welt ze raumen, eng Dynamik opzebauen déi a sämtleche Veräiner ukënnt fir méi eng breet Basis u Judokaen ze kréien.

a. Diskreditéieren vu Verbandsresponsablen

Duerch dës nei Struktur gëtt dem FRÉDÉRIC GEORGERY säin Handlungsspillraum an Aflossberäich am Verband méi kleng - z.Bsp duerch eng Commission Sportive déi seng Aarbecht bewäert a Propositioune bezüglech Aarbechtskontrakter vun Nationaltrainer ausschafft. Amplaz d'Decisioune vu Präsident, Generalsekretär respektiv der sportlecher Kommissioun ze respektéieren, ginn déi Responsabel bei den Athleten (an hiren Elteren??) **respektlos** als Amateuren dohinner gestallt, déi vun näischt eng Ahnung hunn -> cf. Reaktiounen op Facebook respektiv anere Medien, déi d'Resultat vum FRÉDÉRIC GEORGERY senger Politik siichtbar maachen.
Virun allem de Mangel u Respekt vis-à-vis vun **ALLEN** Verbandsresponsabelen gëtt enorm an den Foren vun der Press siichtbar.
Dass sou een enorme Manktum u Respekt, wéi en hei sichtbar gëtt, sech net vun haut op mar entwéckelt, mee iwer eng länger Zäit opgebaut get, dierft jidferengem klar sen.
An deem Sënn hei eng Aentwert vun engem Athlet op déi Mail vum Präsident, déi Ufanks gewise gi war:

*Bonjour,*

*On s'en moque de vos précisions.*
*Vous nous aviez fait une promesse, la promesse de nous tenir au courant le plus vite possible, la promesse qu'on serait fixé au plus tard fin juin avant le canada, la promesse d'être quelqu'un d'honnête.*
*Vous n'avez pas de parole Monsieur le président. Nous, on vous croyait quelqu'un de vrai, d'honnête, quelqu'un de nous, mais aujourd'hui on sait que vous aussi vous n'êtes qu'un malhonnête, vous êtes quelqu'un d'eux, un comploteur, le président des incompétents.*

*Aujourd'hui je le déclare à haute voix: vous avez condamné le judo à la mort, vous avez détruit, runié au moins 6 vies sans en avoir rien à foutre, vous avez été lâche.*
*Les réunions vous auriez pu les faire avant et le fait de contacter quelqu'un par courriel font de vous tous des hommes sans courage, sans honneur et sans foi.*

*Au lieu de faire des réunions pour se demander comment foutre des vies en l'air il faudrait un peu réviser le code moral du judo avec toutes ses valeurs.*

*J'éspère que vous êtes tous fiers de ce que vous venez de décider et que vous pourriez encore vous regarder dans une glace sans devoir s'admettre que vous venez de tout foirer.*

*Avec mes salutations et mes sentiments les plus sincers,*

**Aner Aussoen op Facebook:**

- **Athlet 1** Quelle bande de Jos!July 24 at 7:23am via mobile · Like
- **Athlet 2 zu Athlet 1** nenn d'Lei roueg mam numm: quelle bande de cons!!!!July 24 at 8:22am via mobile · Like · 5

b. Um FRÉDÉRIC GEORGERY senger Sich no Verbündete vun deene leschte Méint géint déi Responsabel vun der Judostruktur huet hie sech och un de Karate gewent a probéiert de Karate géint de Judo auszespillen. An enger Reunioun mam Vize-präsident Fred Bertinelli huet hien mat zweiwelhaften Aussoe probéiert souwuel de Generalsekretär wéi och säin Trainerkolleg ze diskreditéieren a probéiert no Verbündeten am Kampf géint déi „inkompent an irresponsabel Judoverantwortlech" ze fannen.

c. De FRÉDÉRIC GEORGERY bekämpft also de Verband an déi Leit déi seng Virgesetzte sinn an hien huet absolut keen Intérêt drun dass de Verband méi staark gëtt, well doduerch säin Aflossberäich méi kleng gëtt.

d. Net nëmmen déi Responsabel vum Verband ginn discréditéiert, mee och Aktiounen déi de Judo sollen no vir bréngen an déi net seng eege sinn (z.bsp. Gala Judo 2k11). Sou huet hien och hei bei den Athleten zou géint de Gala geschwat, well de Gala ze vill op d'Marie Muller an net genuch op déi wierklech Lëtzebuerger Athleten zougeschnidde wier. Ausserdem wier dat Ganzt eng eenzeg Verschwendung vu Gelder. Dass d'Athleten dat gäeren héiere well si selwer den Usproch hunn méi am Mëttelpunkt ze stoen dierft evident sinn an och dass de Verband natierlich rëm dee Béisen ass och. Ee Lieserbréif vun enger Mamm vun Athleten, deen am LW vum 4.

August publizéiert ginn ass, bestätegt des Approche och ganz gudd.

e. Diskreditéieren vum Trainerkolleg bäi Athleten zou.
   Huet an enger 1.Phas zu Vertrauensverloscht vun den Athleten an den 2. Trainer gefouert, sou dass et fir den 2. Trainer quasi onméiglech war, effektiv ze schaffen.
   An enger 2.Phas Oppositoun duerch d'Elteren an an enger 3. Phas zu Mobbing säitens vun den Athleten (Komplett Ignoréieren vu Seniors-Athleten vum 2.Trainer wärend engem Stage zu Jodoigne tëschent dem 16. an dem 20.Juli 2012)

f. Dem FRÉDÉRIC GEORGERY seng Kommunikatioun vis-à-vis vun den Elteren an Athleten ass sou, dass den FRÉDÉRIC GEORGERY ëmmer als dee gudden do steet. Hie verkeeft sech als Anwalt vun den Athleten an hiren Intérêten – de Verband an den Trainerkolleg stinn ëmmer als déi béis do. Hie setzt also och hei seng eegen Intérêten iwwert déi vum Verband.

g. Diskreditéieren vu Veräinsresponsablen, déi zu Transferte vun Athlete gefouert hunn (an deem Sënn, dass de Comite vu gewësse Veräiner näischt fir hir Athlete géif maachen an dass si dofir besser hätten de Veräin ze wiesselen -> A Richtung Cercle, dee Veräin wier deen eenzegen deen eppes fir d'Athlete géif maachen)

h. Diskreditéieren vu Veräinstrainer bei den Athleten zou, déi zu Vertrauensbrëch vun Athleten zu hire Veräinstrainer gefouert hunn.

## 4. Fragwürdeg pädagogesch Approche

a. Dee ganzen Nationalkader droht dermatt opzehalen, wann de Verband de Kontrakt vum FRÉDÉRIC GEORGERY net verlängert.
b. Sämtlech Erfolleg aus der leschter Zäit gi just dem FRÉDÉRIC GEORGERY senger Kompetenz zougeuerdnet – net awer dem Asaz vun den Athleten an dem Talent vun den Athleten.
c. Pädagogisch Approche ass also trainerzentréiert an net athletenzentréiert a féiert dazou dass d'Athleten net „autonom" ginn. Si kréien iwwert eng laang Zäit bewosst vermëttelt, dass si nëmme gutt Resultater maachen, well si ee gudden an engagéierten Trainer hunn. Féiert dazou dass d'Athleten ofhängeg ginn vum Trainer. Dëst ass contraire zu deem wat déi lëtzebuerger Sportpolitik ausmécht: Sou bekennt souwuel de COSL wéi och de Sportlycée sech dazou, dass „Autonom Athleten" sollen ausgebilt ginn.
   Fro an dem Sënn: Wat geschitt mam Lëtzebuerger Judo, wann den Trainer finanziell sou een interessant Angebot kritt, dass e Lëtzebuerg de Réck kéiert ??
   Hei hu mer an där uewen zitéierter SMS jo och gesinn wéi dee Moment säitens vun Athlete reagéiert gëtt...

d. Zu där vill zitéierter Gruppendynamik:
ka leeschtungsfërdernd a motivant sinn - anerersäits awer och geféierlich fir alleguer déi, déi eng aner Meenung hunn, wéi d'Grupp an hire Leader ->
de Wee zum Mobbing an der Grupp fir alleguer, déi net conform sinn, ass virun allem an der Aarbecht mat Jugendlechen immens geféierlich!!! Méi wéi een Athlet huet sech an deene leschte Joeren heizou vis-à-vis vum Verband beschwéiert - an et war och am Oktober 2011 zu dësem Sujet eng Reunioun vum Präsident mam FRÉDÉRIC GEORGERY.

**Conclusioun:**

Dëst ganzt Verhalen verursaacht een negativt Aarbechtsklima am Verband, dat mir net méi länger wollten erdroen an dat definitiv dazou gefouert hätt, dass sämtlech Benevoler am Verband sech zréck gezunn hätten, well si duerch dem FRÉDÉRIC GEORGERY seng Politik permanent als inkompetent a machtsüchtig dohinner gestalt gi sinn.

Et besteet also tëschent de Verbandsverantwortlechen an dem FRÉDÉRIC GEORGERY keng vertrauensvoll Basis méi fir eng weider Zesummenaarbecht.

Et ass ee Klima dat definitiv net fërderlech ass, fir dass de Judo sech hei zu Lëtzebuerg an all senge Forme kann entwéckelen.

De Verband gesäit sech duerch déi iwwerdriwe Reaktioune säitens den Elteren an Athleten a senger Decisioun bestätegt a steet méi wéi je hannert senger Decisioun.

**V. Ausbléck**

Déi Kandidaturen fir de Posten vum Nationaltrainer, déi mir mëttlerweil um Dësch leien hu gi gepréift – et wäerte Gespréicher mat deene beschte Kandidate gefouert ginn.

Gläichzäiteg gëtt de Posten a Judofachzäitschrëften ausgeschriwwen, fir dass eis kee potentielle Kandidat duerch d'Lappe geet. Et muss ee soen, dass déi Pai, déi mir hei zu Lëtzebuerg engem Nationaltrainer kënne bezuele sou héich ass, dass mir et matt bal alleguer denen aner Judosfederatioun international kënnen ophuelen a mir domadder sécher sinn een héich qualifizéierten a kompetenten Trainer kënnen anzestellen.

Et wäerte Gespréicher mat den Elteren an den Athlete gefouert ginn – et wäerte Posten vun Athletespreecher an Elterespreecher geschaf ginn, fir dass d'Kommunikatioun tëschent sämtleche Parteien zukünftig méi direkt an onproblematesch ka gefouert ginn!

Weiderhin wäerte Conventiounen zwësche Verband an Athleten (fir déi minderjährig och mat den Elteren), wou d'Rechter an d'Flichten vu sämtliche Parteien wäerte festgehale ginn, wou wéi dat a ville Verbänn hei zu Lëtzebuerg an och am Ausland de Fall schonn ass.

An deem neien Elitesportförderkonzept fir d'Senioren wäerte mir ganz besonnesch och op déi spezifisch Situatioun vu Lëtzebuerg agoen, nämlech dass vill Athleten no hirer Premiere an d'Ausland studéiere ginn. Mir wäerte versichen och hinnen, nieft den Athleten déi hei zu Lëtzebuerg bleiwen, ee méiglechst perfekten Encadrement ze bidden.

Als Schlusssaatz wëlle mir soen, dass mir net onbedéngt lo wëlle mam Hummer dra schloen an alleguer d'Athleten spären, déi de Bréif un d'Federatioun ënnerschriwwen hunn. Zum Deel si si nach ganz jonk, minderjährig, an hunn iwwer Joeren an engem Klima gelieft, déi dës iwwerdriwen Reaktioune favoriséiert hunn.

Trotzdeem si mir dem Lëtzebuerger Judo verflicht – dofir wäerte mir ganz rigouréis géint weider Aktioune, verbandsschiedegent a respektlost Verhalen an deem Dossier virgoen.